

Un autre sujet de grande actualité était celui de la politique énergétique et de la libéralisation des marchés de l'énergie sous toutes ses formes notamment durables. L'Assemblée s'y est penchée sur base des travaux préparatoires des Commissions réunies de l'Environnement du Parlement Benelux et de l'Assemblée balte. Les Premiers Ministres des trois pays du Benelux se sont d'ailleurs récemment concertés à leur tour à ce sujet dans le cadre d'une réunion ministérielle européenne qui traitait du même dossier.

M. Marcel Oberweis a fait rapport sur l'eutrophisation, cause majeure de la pollution des eaux souterraines et les conséquences de l'aménagement d'un gazoduc au fond de la mer Baltique, reliant l'Allemagne et la Russie, principal fournisseur de gaz de l'Union européenne, avec toutes les conséquences géopolitiques qui en résultent. L'orateur a insisté sur l'importance d'une sécurité énergétique en diversifiant au maximum les formes d'énergie et en faisant appel de façon accrue aux énergies renouvelables.

Une recommandation des trois principaux groupes politiques de l'Assemblée sur la nécessité de la mise en place par les trois Gouvernements d'une politique énergétique européenne fut adoptée après que la délégation luxembourgeoise avait réussi à l'amender pour qu'elle soit conforme aux engagements des États membres du Benelux dans le cadre du Protocole de Kyoto et pour que la politique énergétique se poursuive dans un esprit de développement durable.

Le Parlement Benelux a pris connaissance des préparatifs de la Conférence tripartite qui se tiendra en mai 2006 à Liège, avec la participation du Conseil nordique et de l'Assemblée balte, sur la problématique de la drogue et s'est penché sur le problème du sida où d'importants efforts complémentaires sont à faire pour enrayer l'inquiétante recrudescence des cas.

L'avenir du Benelux et la révision des Traités l'ayant institué il y a cinquante ans ont été le dernier sujet à l'ordre du jour, alors que l'Assemblée y reviendra de façon approfondie lors des séances plénières de juin prochain. Il n'est en tout cas pas question d'une reconduction tacite, ne fût-ce qu'en raison des changements intervenus au niveau de la forme étatique de la Belgique. Au moment où les frontières s'estompent, il faut veiller plus que jamais, afin que les dispositions légales soient adaptées à l'évolution des temps, compte tenu du fait que le Benelux, qui bénéficie d'une grande crédibilité au sein des institutions européennes, dont il a été un des moteurs d'approfondissement, reste un important trait d'union dans la coopération avec les autres pays de l'Union européenne.

4) Par lettre du 22 mars 2006 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir à la Chambre le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 13 au 16 février 2006:

- position sur la proposition de règlement du Conseil abrogeant le règlement (CEE) n°3181/78 du Conseil et le règlement (CEE) n°1736/79 du Conseil dans le domaine de la politique monétaire,

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'accord de partenariat entre la Communauté européenne et les îles Salomon concernant la pêche au large des îles Salomon,

- résolution sur la confrontation entre l'Iran et la communauté internationale,

- résolution sur la liberté d'expression et le respect des convictions religieuses,

- résolution sur la situation au Belarus à la veille des élections présidentielles du 19 mars,
- résolution sur l'Azerbaïdjan,
- résolution sur Guantanamo.

3. Octroi du titre honorifique à un ancien fonctionnaire du Greffe

Op Grond vun enger Décisioun am Büro an nom Artikel 30 vum Beamtestatut vun der Chamber gëtt dem Här Lucien Leclère, Premier Conseiller, deen den 1. Mäerz vun dësem Joer de Greffe pensionshalber verlooss huet, den Éierenstitel vu senger Fonction verliehen.

4. 5553 - Proposition de loi portant réforme du droit de la filiation et instituant l'exercice conjoint de l'autorité parentale

Déclaration de recevabilité

D'Presidentekonferenz huet virgeschloen d'Proposition de loi 5553 vun der Madame Marie-Josée Frank a vum Här Laurent Mosar iwwert d'Autorité parentale fir recevable ze erklären. Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidier.

5. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz an hirer Réunioun vum 30. Mäerz fir dés Woch folgenden Ordre du jour proposiert.

Haut de Mëttet huet d'Chamber

- fir d'éischt eng Froestonn un d'Regierung;
- dann d'Interpellatioun vum Här Emile Calmes iwwert de Waasserhaushalt nom Modell 1
- an duerno de Projet de loi 5415 iwwert d'Abus de marché.

Muer um hallwer dräi stinn op der Dagesuerdnung

- de Projet iwwert d'Aarbechtszäit;
- de Projet de loi 5474, eng Benelux-Konventioun iwwert d'Propriété intellectuelle;
- dann de Projet de loi iwwert déi ekonomesch Diversifizierung;
- duerno hu mer d'Diskussioun an de Second vote constitutionnel vum Projet de loi 5437 iwwert den Asyl

- an als leschte Punkt de Mëttwoch de Projet de loi 5531, e Partnerschaftsoffkommes téscht de Länner vun der Europäischer Unioun an dem Tadzhikistan.

En Donneschdeg de Mëttet um hallwer dräi hu mer

- eng Konsultatiounsdebatt iwwert den Tram;
- duerno d'Chamberskonte vum Joer 2004;
- eng Resolutioun iwwert d'Konte vun der Cour des Comptes fir den Exercice 2004
- an dann d'Naturalisatiounen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéert.

Den Här Huss huet d'Wuert gefrot fir en Dépôt vun enger Motioun. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

6. Dépôt d'une motion par Monsieur Jean Huss

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG) - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt hei am Numm vun der grénger Fraktioun eng Motioun déposéieren, déi sech ém d'Schicksal vun enger Fra dréint, an zwar vun der Madame Ersöz,

déi eng kurdesch Journalistin ass. Déi Leit, déi d'Zeitung liesen, déi d'Medié verfollegen, wéissen, datt grad d'lescht Woch ganz vill iwwert déi Fra hei a Létzebuerg an de Medié geschwatt ginn ass; et war och e klenge Picket de protestation hei bei der Gëlle Fra. An et geet dobäi ém eng Fra, déi hei Asyl ugefrot huet, déi awer zénter Mëtt Februar zu Schraasseg incarcéréiert ass a géint déi e Mandat d'arrêt vun der Türkei virläit.

Mir sinn als Gréng der Meenung, op der Grondlag vun den Informationen, déi mer hunn, datt bei dä Saach do e Problem besteet. Engersäits well déi Faiten, déi dä Fra virgeworf sinn, absolut kontestéiert sinn - notamment schéngéen déi Zeien, déi d'Türkei ugefouert huet, hir Ausso widerruff ze hunn. An zum Zweete gëtt et och nach de Problem, datt et grad an deene leschten aacht Deeg an der Türkei zu neien Ausernanersetzung komm ass zwischen türkische Sécherheitskräfte an der kurdescher Bevölkerung oder Deeler vun der kurdescher Bevölkerung. Et ass net némmer zu Demonstration komm, et ass souguer zu Doudesfälli do komm. Et waren och net némmer am Kurdegebiit esou Demonstrationen, mä och zu Istanbul selwer. A mir sinn als Gréng duerfir der Meenung, datt et net gutt wier, wann an esou enger Situations - aus deenen zwee Grénn, déi ech hei gesot hunn - déi Fra géif ausgeliwwert ginn.

Déi Situations ass am Moment virun der Justiz, mä mir mengen awer als Gréng, datt et net némmer eng juristesches Affär ass, mä datt hei och ganz kloer politesch Aspekter eng Roll dobäi spinnen, an duerfir froe mer an déser Motioun vun der Regierung, datt se soll déi Suspensioun vun der Madame Ersöz réckgängig maachen, well mer der Meenung sinn, datt et net ka sinn, datt déi scho soll kenne geschwenn ausgeliwwert ginn. A mir sinn insgesamt och géint d'Extradition vun dä Fra, dä Journalistin, an déser Situation, wéi se haut ass. Ech mengen, et muss ee wéssen, datt zum Beispill de Brudder an d'Schwester vun dä Journalistin schonn dout sinn.

M. le Président.- Här Huss, et soll den Dépôt vun enger Motioun sinn an net den Exposé. D'Diskussioun iwwert déi Motioun, déi féiere mer spéider. Déposéiert d'Motioun an da kucke mer, wéini datt mer se op den Ordre du jour huelen, an da kënnt Dir se exposéieren.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, wann Dir mech net énnérbrach hätt, ech war nämlech genau um leschte Saz ukomm vun deem, wat ech wollt soen...

(Interruptions)

... an dofir déposéieren ech se elo och.

Motion

*La Chambre des Députés,
Considérant*

- que la ressortissante turque Zubeyde Ersöz, incarcérée depuis mi-février au Centre pénitentiaire de Schrassig en vertu d'un mandat d'arrêt international, est visée par une demande d'extradition du Gouvernement turc;

- que Madame Ersöz est une journaliste d'origine kurde qui a dénoncé de manière répétée des atrocités commises par des militaires turcs;

- qu'elle a déjà fait l'objet de répressions de la part des autorités turques;

- que la soeur et le frère de Madame Ersöz furent tous les deux incarcérés, torturés et sont morts en prison;

- qu'un retour en Turquie risquerait de mettre sa vie en danger;

- que les charges à la base de son mandat d'arrêt international - terrorisme, prises d'otages et meurtres entre octobre 1994 et octobre 1995 - sont contestées;

- que Madame Ersöz bénéficia de l'asile politique en Allemagne et y vivait de 1993 à 1996 avant de se rendre en Irak pour travailler dans un camp de réfugiés sous contrôle de l'ONU;

- que le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration a décidé de suspendre la procédure d'asile en attendant l'avis de la Chambre du Conseil, déclinant ainsi toute compétence en faveur du Ministre de la Justice;

invite le Gouvernement

- à annuler la suspension de la demande d'asile politique de Madame Ersöz et à vérifier dans le cadre de la procédure le bien-fondé des chefs d'accusation turcs;

- à refuser avant tout progrès en cause la demande d'extradition.

(s.) Jean Huss, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Henri Kox.

M. le Président.- Mä dann hutt Dir se jo elo exposéiert, da kënne mer spéiderhin direkt zur Diskussioun kommen.

De Statsminister freet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, ech hunn, wéi ech et schonn oft bewisen hunn, all Sympathie fir den Här Huss an och all Sympathie fir déi grondleéend Iwwerleeungen, déi dä Motioun zu Grond leien. Ech wéll just soen, als Chef vun der Regierung, dass d'Regierung déi Motioun oflehn, well et gëft hei am Land nach esou eppes wéi d'Séparation vun de Gewalten.

M. le Président.- Gutt.

D'Motioun gëtt ausgedeelt an da gesi mer, wéini datt mer déi Motioun hei diskutéieren.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, ech hunn däitgleich gemaach, wat d'Position vun der Regierung ass. Domat ass déi Position elo scho gesot, déi brauch net nach eng Kéier widderholle ze ginn.

M. le Président.- Jo, mä d'Chamber diskutéiert natierlich iwwert déi Motioun.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Ech wollt lech just soen, wat eis Interpretatioun vun der Séparation vun de Gewalten ass.

M. le Président.- Jo, Also, ech hunn dat verstane, Här Statsminister. Et ass just esou, dass ech wéinst dem Reglement muss kucken, wéi mer mat dä Motioun do organisaioresch émginn.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Il y a le Règlement et il y a la Constitution. Au choix.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, wien ass hei Meeschter am Parlament? Et géif een net soen, dass et de Chamberspresident ass!

(Interruption)

M. le Président.- Jo, also ech hu meng Haltung duergeluecht. Ech hu gesot, dass d'Chamber iwwert déi Motioun hei debattéiere wäert an driwwer befanne wäert, sou wéi dat an eisem Reglement virgesinn ass.

Elo komme mer un d'Froestonn un d'Regierung. Ech wéll soen, dass 15 Froen agereecht gi sinn a vu datt et eng Froestonn ass an net zwou Froestonne sinn, kommen déi

Froen haut net allegueren drun. Mir wäerde bei der Fro N°10 ongféier um Enn vun dä Diskussioun ukomm sinn. Dat fir déi Kolleggen, déi dann eben haut net wäerten drukommen an dann hir Fro an enger nächster Stonn musse stellen.

(Interruption)

Här Grethen.

M. Henri Grethen (DP).- Ech wollt just froen, no wat fir enger Ranguerdnung déi Froen opgestallt ginn. Well, da kann et jo némmer esou sinn, wann dat Ár Décisioun ass, dass dat en fonctioun vun der Auerzäit ass, wéi se erageecht goufen.

M. le Président.- Mir kucken no deene Regelen, déi mer hei festgehalen hunn, fir d'Ranguerdnung festzeleeén. Éischteis gëtt no deenen eenzelne Gruppe gekickt, d'CSV kënn vir, duerno kënn d'sozialistesche Fraktioun, duerno d'demokratesche Fraktioun, duerno DÉI GRÉNG an duerno den ADR.

Une voix.- Dat geet awer net aus dësem Listing ervir.

M. le Président.- Mir kucken no deene Regelen, déi mer hei festgehalen hunn, fir d'Ranguerdnung festzeleeén. Éischteis gëtt no deenen eenzelne Gruppe gekickt, d'CSV kënn vir, duerno kënn d'sozialistesche Fraktioun, duerno d'demokratesche Fraktioun, duerno DÉI GRÉNG an duerno den ADR.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, wann Der de Listing kuckt, da kënnt hannen deene Gréng, no der Questioun 4, net den ADR, mä da kënnt d'CSV nach eng Kéier.

(Interruption)

M. le Président.- Da kucken ech dee Listing nach eng Kéier no. Op jidde Fall aus deem, dee mir haut de Moie virgeluecht ginn ass, hunn ech gemengt eraus kennen ze lesen, datt der Rei no gefuer ginn ass. Mä mir kucken dat no.

Mir fänken elo...

(Interruption)

Gelift?

Une voix.- Dir kënnt se mateenue huelen.

7. Heure de questions au Gouvernement

Voilà! Mir fänken elo emol u mat der éischt Fro. Dat ass d'Fro N°86 vum honorabelen Här Marc Spautz «relative au recrutement à l'Administration des Ponts et Chaussées, adressée au Ministre des Travaux publics». Här Spautz, Dir hutt d'Wuert, an de Bauminister wäert duerno äntworten.

Question N°86 du 3 avril 2006 de Monsieur Marc Spautz relative aux recrutements à l'Administration des Ponts et Chaussées, adressée au Ministre des Travaux publics

M. Marc Spautz (CSV).- Här President, l'éischt Kolleginnen a Kollegien, èmmer méi Leit wéllen als Aarbechter bei Ponts et Chaussées. Dausenden Demandé solle bei dä Verwaltung leien, an all Dag kommen der derbäi, well jo all Famill hei zu Létzebuerg ass gläich dä Meenung, och si misst op d'mannst ee vun hirer Famill bei Ponts et Chaussées als Aarbechter beschäftegt hinn....